

# 19<sup>e</sup> séance

## Mercredi 6 décembre 2000

*Présidence*

*M. Jean Spautz, Président*

*M. Niki Bettendorf, Vice-Président*

### *Ordre du jour*

1. Communication
2. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Exposé du Gouvernement*)
3. Interpellation de M. Alex Bodry sur le soutien à apporter au bénévolat
4. Dépôt d'une proposition de loi
5. Interpellation de M. Alex Bodry sur le soutien à apporter au bénévolat (*Discussion générale*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Erna Hennicot-Schoepges, MM. Michel Wolter, Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

*(Début de la séance publique à 14.33 heures)*

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall.

### **1. Communication**

Ech wollt der Chamber matdeelen, dass haut, de 6. Dezember, de Budgetsminister de Projet de loi 4733 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1998 déposiert huet.

Mir kommen dann elo zum Exposé vum Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statsbudget vum Joer 2001. Den Här Luc Frieden huet d'Wuert.

### **2. Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Suite*)**

*Exposé du Gouvernement*

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budget 2001, deen Der gëschter hei an der öffentlecher Sitzung ugefaangen hutt ze diskutéieren, ass, reng finanzpolitesch gesinn, mat engem ganz kloeren Zil opgestallt ginn, nämlech deem, d'Gesondheet vun de Statsfinanzen ze erhalen, an dat maache mer, fir eng Garantie ze hu fir eng stabel Politik, déi d'Kontinuitéit vun der héijer Sozialpolitik, vun eisem Wuelstand an d'Plange vun der Zukunft erméiglecht.

De Budget, dee virun Iech läit, ass kee vun de finanzpoliteschen Aventuren. Et ass ee Budget, dee soll sécherstellen, dass d'Politik vun dëser Regierung iwwert déi nächst Joren op zolidde Féiss ka stoen an domat prévisibel bleift, datt dat, wat versprach an décidéiert gëtt, och iwwert d'Zäit ewech an der Praxis kann ëmgesat ginn.

Ech mengen net, datt haut hei d'Plaz wier, fir nach eng Kéier op vill Zifferen a Kreditter anzegoen. Ech hunn dat am Summer, virun allem am September, beim Dépôt vum Budget an der Chamber hei scho kënne maachen, an dëst Parlament huet dat och am Detail an deene leschte Wochen - mat vill Aarbecht - an der Finanz- a Budgetskommissioun gemaach. Äre Budgetsrapporteur, den honorablen Här Gusty Graas, huet dat gëschter jo och op eng kloer a kompetent Aart a Weis hei presentéiert a kommentéiert.

Ech géif als Budgetsminister gären der Kommissioun an dem Rapporteur merci soe fir déi konstruktiv a fläisseg Aarbecht, well ech weess als fréiere Budgetsrapporteur, wéivill Aarbecht do derhannert stécht, eng Aarbecht, déi net nëmmen de Vote an d'Diskussioun vum Budget soll virbereeden, mä déi och selbstverständlech, wéi an de Jore virdrun, Agank fënn a Réflexioun bei zukünftege Budgeten.

Den amendéierte Budget 2001, sou wéi d'Regierung e viru 14 Deeg arréiert huet, deen also e bësschen anescht ass wéi deen, dee gëschter hei presentéiert ginn ass, gesäit Recettë vu 5,446 Milliarden Euro vir géintwärtig Dépensë vu 5,445 Milliarden Euro. Dat ass also en Iwwerschoss vun 1,2 Milliarden Euro.

Par rapport zum Budget, wéi en am September déposéiert ginn ass, hu virun allem Neiberechnunge vun den Ausgabe vun der Sécurité sociale, op Grond vun neie Beschäftigungszuelen, hei hiren Nidderschlag fonnt a maachen de Gros vun den Amendementen aus. Déi hunn awer selbstverständlech parallel och en Nidderschlag fonnt op der Recettësäit, virun allem bei der Fixatioun vun der Gehältersteuer.

Erlaabt mer vläicht haut, Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Budgetsried de Budget, wat jo e Gesetz ass, dat oft charakteriséiert gëtt als dat wichtigst Gesetz vum Joer, well et d'Grundlag ass vu villem politeschen Handeln, eleng ënnert dem Bléckwénkel vun der Finanzpolitik ze kommentéieren an dobäi, wéi gesot, bewusst eenzel Kreditter oder eenzel Inhalter ewech ze loossen.

Jiddereen, deen dëse Budget liest, fënnt sou munch nei Kreditter, déi nei Iddie vun dëser Regierung ëmsetzen. All Choix, deen een hei géif maachen, wär souwisou arbitraire a selektiv. Am beschten ass et dofir, et sou ze maachen, wéi déi eenzel Kommissiounen vun der Chamber dat och gemaach hunn. Si hunn déi eenzel Kapiteln ugeholl an analyséiert, wat, mengen ech, eng wichteg Aarbecht war, déi an deene Jore virdrun net sou am Detail gemaach ginn ass.

Ech géif gärën haut virun allem dräi Voleten uschwätzen: fir d'éischt eng Analys nach eng Kéier maache vum ekonomeschen Ëmfeld vun dësem Statsbudget, zweetens e Bléck werfen op d'europäesch an d'national Steierpolitik an drëttens d'Finanzsituatioun vum Stat ënnert d'Lupp huelen.

Fir d'éischt e Wuert zur Ekonomie an Europa an heiheem, well wann een e Budget mécht, dann ass et wesentlech, datt ee fir d'éischt kuckt, wéi d'Ekonomie évoluëiert, well si déterminéiert schlussendlech, wéi d'Steiereinnahme kënne festgesat ginn.

Wann ech déi rezentste Prévisiounen fir d'Europäesch Unioun vun der europäescher Kommissioun mer ukucken, sou wéi se Enn Oktober erauskomm sinn, da gesäit een, dass d'Europakommissioun e Wuesstum vum PIB fir dëst Joer vun 3,4 % virgesäit a mengt, datt et d'nächst Joer géif e bëssche méi lues goe mat 3,1 %, wéinst virun allem der méi héijer Petrolsrechnung an enger méi strikter Währungspolitik, also méi héijen Zësen notament, wéinst der Angscht virun ze héijer Inflatoun.

Och wann ee feststellt, wann een déi Tableaue kuckt, datt et grouss Ënnerscheeder am Wuesstum an der Europäescher Unioun gëtt, muss een dach soen, datt dee Wuesstum iwwerall an där Unioun robust ass. D'Augmentatioun vun den Aarbechtsplaze geet weider. Dëst Joer sinn eleng an der Unioun 2,6 Milliounen nei Aarbechtsplaze geschafe ginn. Dat ass dee stäerkste Wuesstum vun den Aarbechtsplazen zënter 1990.

Wat een awer och op deenen Tableaue erëmfënnt, ass, datt besonnesch déi kleng Länner vun der Europäescher Unioun e ganz staarke Wuesstum ze verzechnen hunn. Zweek Facteure spillen do besonnesch mat: déi staark national Nofro, mä och e staarken Export, well, international gesinn, d'Krisen iwwerwonnen sinn an dat natierlech den Export vun der Europäescher Unioun an déi Länner ugekuerbelt huet. D'Inflatoun, seet d'europäesch Kommissioun eis, wäert sech dëst an d'nächst Joer ronderëm 2,5 % apendelen, virun allem ënnert dem Afloss vun den Uelechpräisser.

An deem dote Bild vun Europa gesäit déi makroekonomesch Situatioun vu Lëtzebuerg excellent aus. De Finanzsecteur bleift ganz dynamesch, mä och d'Industrie a besonnesch d'Sidérurgie kënnen eng gutt Situatioun vermellen. Et ass méi Demande do, an d'Präisser si geklommen.

Wann een d'Chiffere kuckt vun deenen éischte 6 Méint, och an anere Secteuren vun der Ekonomie, gesäit et net schlecht aus. De Secteur vun der Constructioun huet am éischte Semester en Zouwuess, op järelecher Basis, vu 15,9 % verzechent, de Commerce 12,2 %, an - wat zu Lëtzebuerg jo ëmmer en Indicateur ass - d'Vente vun neien Autoen ass am éischte Semester vun dësem Joer ëm 10,9 % geklommen, wat beweist, wéivill Revenu disponible do ass, fir grad sou Luxusobjekter ze kafen.

Dat gesäit een natierlech och direkt am Zesammenhang mat de Chômagezuelen, déi, wéi och gëschter hei ënnerstrach ginn ass, erof gaange sinn, soudatt vill nei Aarbechtsplaze konnte geschafe ginn: 5,6 % nei Aarbechtsplazen an deenen éischten 8 Méint vun dësem Joer. Dat ass remarquabel a géif am Fong genuch zur ekonomescher Situatioun vun eisem Land soen.

D'Chiffere schwätzen eng ganz kloer Sprooch: De Wirtschaftswuesstum vun dësem Joer 2000 wäert nach méi héich leie wéi dee vun 1999. Et wäert e Rekordwuesstum vum PIB vun 8 % dëst Joer ze verzechnen sinn. Et ass an deem Kontext, wou mer d'Reflexioun hu misse maachen, wéi et fir d'nächst Joer ausgesäit, well wann een de Budget opstellt, muss ee sech jo natierlech an eng Perspektiv vun deem Joer setzen, wou een d'Recettë festleet.

Fir 2001 huet de Statec am Summer gemengt, mir kéinte mat enger Croissance vu 6 % rechnen. De Statec mengt elo, datt d'Croissance 2001 méi lues wär, 5,2 %. Mir stelle fest, datt d'OCDE, déi och virun e puer Deeg hir Statistiken oder hir Prévisiounen fir d'nächst Joer erausginn huet, awer mengt, Lëtzebuerg kéint e Wuesstum vu 6,2 % kréien. Et spillt natierlech do mat d'Evolutioun vum Euro an dann och d'Evolutioun vun den Ekonomien an den Nopeschlänner, déi jo direkt ëmmer en Impakt hunn op eis Exportatioun.

D'Regierung huet dofir gemengt, wéi se d'Amen-  
dementen diskutéiert huet, datt ee kéint, ouni zevill  
Risiko, bei enger Prévisioun vum Wirtschaftswuesstum  
vu 6 % bleiwen. Mir hu jo ëmmer gesot, datt mer  
dorop och d'Dépenséstruktur festleeën, a mir kucke jo  
do och d'mëttelfristeg Wuesstum vun eiser Ekonomie  
a mengen, datt, sou wéi een dat haut ka gesinn, ee mat  
6 % net falsch géif leien.

Ech wëll nämlech derbäi soen - wat net onbedéngt  
aus deene Chifferen de Moment erausgeet -, datt jo  
och déi Steuerreform, déi den 1. Januar fir d'physisch  
Persounen a Kraaft trëtt, e positiven Impakt wäert  
hunn op d'Evolutioun vum PIB. De Statec mengt, datt  
dat kéint en halwe Prozent zousätzlech Croissance  
bréngen, an et ass och dofir, wou mer mengen, datt ee  
mat 6 % an engem realistesch Szenario fir d'nächst  
Joer géif leien.

Ech stellen och mat Satisfactioun fest, datt de  
Revenu disponible vun de Lëtzebuurger Ménagen am  
Total ëm 6 %, dëst an d'nächst Joer zesummen, wäert  
klammen. Dat ass wesentlech an huet natierlech en  
Impakt op d'Gesamteconomie.

Selbstverständlech huet den Euro hei eppes matze-  
spillen an der Aschätzung vum Wirtschaftswuesstum  
vum nächste Joer. D'Regierung ass der Meenung, dass  
dem Euro säin Aussewäert net den ekonomesche  
Fundamentaldaten an Europa Rechnung dréit. Den  
Euro misst a sengem Aussewäert méi staark sinn,  
wann ee kuckt, wéi d'Wirtschaftswuesstum an Europa  
ass - an ech hunn elo grad dovunner geschwat -, och  
wann een d'Diminutioun vun der Statsschold an eisen  
Nopeschlänner kuckt a gesäit, datt d'Budgetsdefizitter  
lues a lues och am Ausland méi kleng ginn, quitte datt  
se net d'Situatioun vun de Lëtzebuurger Statsfinanzen  
errechen.

Allgemeng mengen ech, datt zevill Opmierksam-  
keet dem Aussewäert vum Euro geschenkt gëtt,  
respektiv datt haut vill méi vun deem Aussewäert vun  
der europäescher Währung geschwat gëtt, wéi mer  
fréier vum Wäert vun eise Frang par rapport zum  
amerikanesch Dollar geschwat hunn. Wie weess  
dann nach, datt 1970 een Dollar 50 Frang kascht huet,  
1980 een Dollar 30 Frang, an haut si mer erëm méi no  
bei 50 Frang? Déi Schwankungen hunn deemools net  
sou Schlagzeile gemaach wéi haut, wou mer  
gemeinsam den Euro hunn.

An där ganzer Diskussioun geet ënner, datt  
d'Ewechfale vun de Wiesselschwankungen, vun de  
Wiesselrisike fir d'Betriber an d'Leit wesentlech an  
engem Land ass, wou 85 % vum Handel mat deenen  
aneren EU-State gemaach gëtt, a mir also zënter 1999  
duerch den Euro eng vill méi stabil Finanz- a  
Währungssituatioun an eise Länner hunn. Et ass dat,  
wat ee mol erëm eng Kéier soll an de Virdergrond  
stellen, amplaz ëmmer nëmmen déi pessimistesche  
Nouvellen iwwert den Aussewäert vum Euro.

Den Euro huet eis duerch d'Ewechfale vun de  
Wiesselschwankungen scho vill Positives bruecht. Ech  
erënnere un d'Diskussioun, déi mer hei virun e puer  
Joer haten, datt d'Leit gefaart haten, de Lëtzebuurger  
Frang géif vum belschen ofgekoppelt ginn, datt mer  
net géifen der Evolusioun vun der däitscher Mark  
nokommen, wat e wichtegen Exportmaart ass.

Alles dat ass passé, an dofir si mer haut an enger  
vill méi zolider Situatioun, déi och d'Privatleit selbst-  
verständlech spieren, a wann et nëmmen ass, wa se an  
aner EU-Länner an d'Vakanz fueren an net méi  
brauche virun an der Zeitung ze kucken, wéi dann  
de Lëtzebuurger Frang par rapport zu där auslänne-  
scher Währung vun deem Land, wou se hi fueren,  
evolueert.

Fir dat Positiiv vum Euro, dat bei Wäitem iwwer-  
weit, ze ënnersträichen, war et och mäi kloere  
Wonsch, de Budget vum Joer 2001 an Euro ze presen-  
téieren, e Joer, ier den Euro a physischer Form, a  
Schäiner an a Mënzen, kënnt, e Joer och virun deenen  
aneren Länner an der Europäescher Unioun. Mir sinn  
dat eenzegt Land, dat säi Statsbudget fir d'nächst Joer  
an Euro presentéiert huet.

Ech wollt dat awer virun allem och maachen, fir e  
kloere Message ze schécken un de Stat, un d'staatlech  
Verwaltungen, un d'Betriber, un d'Privatleit, datt déi  
Iwwergangszäit vun 3 Joer, wou et den Euro nëmmen  
als Monnaie fiduciaire ginn ass, d'nächst Joer op en  
Enn geet, datt ee muss déi 3 Joer, déi virun enger Zäit-  
chen nach vill Leit, och heibannen, als ze laang fonnt  
hunn, dach gebrauchen, fir sech un den Euro ze  
gewinnen.

Mir wëssen, och duerch d'Opstellung vun deem  
Budget, datt dat net ëmmer einfach ass, wann ee wëllt  
Vergläicher maachen, mä et kënnt keen derlaanscht,  
um Enn vum nächste Joer spëtstens prett ze sinn, well  
da funktionéiert alles an Euro.

Dofir maachen ech natierlech en Appel un d'Leit,  
sech och deen duebelen Affichage, deen d'Geschäfte  
Gott sei Dank maachen hei zu Lëtzebuerg, méi wéi am  
Ausland, unzekucken, datt se och emol hir Kredit-  
kaarten oder hir Débitskaarten, hiert Plastikgeld  
huelen, mat deem se schonn haut an Euro kënne  
bezuelen. Iwwregens: Wéi och déi lescht Woche  
bewisen hunn, hëlleft d'Utilisatioun vun esou Kaarte  
fir d'Sécherheet vun deenen Transporter, déi domat  
kënnen évitéiert ginn. Also, et huet scho Sënn, fir déi  
Kaarten och elo an enger Iwwergangsphas ze gebrau-  
chen, fir sech un den Euro ze gewinnen.

An da muss een ëmmer erëm och d'Betriber - a  
besonnesch déi kleng a mëttel Betriber - drop  
opmierksam maachen, datt d'Zäit fort leeft, datt se, fir  
d'Informatik an d'Kontabilitéit ëmzestellen, net bis  
zum Schluss solle waarden, well et ass ganz kloer:  
Wann ee bis zum Schluss waart, dann entdeckt een  
d'Problemer vläicht ze spët. D'Leit, déi dat kënne

maachen, ginn da méi rar, de Käschtepunkt wiißt. Dofir ass et kloer, datt een den Euro hei muss 2001, am fréien 2001, och an de Betriber iwwerall asetzen.

Dir wësst, datt mer mat der Zentralbank am Detail de Basculement op den Euro virgesinn hunn.

D'Regierung fiert selbstverständlech viru mat deenen Tables rondes, mat deenen eenzelne Secteuren, fir iwwert d'Afëierung vum Euro kleng technesch Detailer, déi nach ze kläre bleiwen, ze diskutéieren, a selbstverständlech maache mer och dat, wat gëschter hei Äre Rapporteur gefuerdert huet, fir d'Leit weider ze sensibiliséieren fir dee grouse Schrëtt, dee kënnt, well dat ass eng politesch Entscheedung, déi jidderee betrëfft, net nëmmen e puer Leit, mä jiddereen hei am Land wäert duerch déi doten Ëmännerung den 1. Januar 2002 concernéiert sinn.

Nom ekonomeschen Ëmfeld heiheem an an Europa géif ech gär en e Wuert soen iwwert d'Steierpolitik. Dat eent an dat anert ass enk matenee verbonnen, well d'Ekonomie huet natierlech eng Inzidenz op d'Steierrecetten an domadder och op d'Steierpolitik, an d'Steiere sinn déi eng Säit vum Budget. Dofir kann een dat eent net vun deem anere lassgëlléist gesinn.

D'Steierreform hätt am Fong eréischt sollen am Joer 2002 an hirer Globalitéit gemaach ginn, mat allen Aspekter, déi ee bis dohinner muss studéieren, an et gëtt der vill.

Mä et gouf op d'mannst zwou Ursaachen, firwat mer ee Volet vun där Steierreform virgezunn hunn, notament de schnelle Wuesstum vun der Ekonomie, vun deem ech elo grad geschwat hunn, deen an deene leschte Joren - net nëmmen am leschte Joer - méi Steieren erabruecht huet, wéi mer dat erwaart haten, an zweetens hunn eis déi Steierreformen, déi am Ausland gemaach gi sinn, incitéiert, verschidden Elementer vun där Steierreform virzezielen.

D'Regierung huet dofir och décidéiert, net en extrat Steiergesetz op de Wee ze ginn, mä se an deem Budgetgesetz anzeschreiwen, well se grad do an direkt e Käschtepunkt huet. Dat ass natierlech eng Siicht, déi nëmmen e Budgetminister kann hunn. Et gëtt eng Mannerrecette fir de Stat, wéi wa mer d'Steieren op d'ärselwechter Héicht vum Niveau gehalen hätten, wéi mer se d'lescht Joer haten.

Eleng am Budget 2001 - an dofir hu mer se och missen am Summer décidéieren, well ech dat dee Moment gebraucht hunn, wou mer am Regierungsrot de Budget arrêtiert hunn - schléit dës Steierreform vun de physische Persounen mat engem Minus vun 8 Milliarden zu Buch, 10 Milliarden, wann ee se ganz kuckt, mä vu dass d'Steieren net alleguer op deem Joer bezuelt ginn, kann ee soen, dass budgetär se wäerten en Nidderschlag vun 8 Milliarde fannen.

Ech ginn hei selbstverständlech net méi op den Detail vun där Steierreform an. Ech géif awer gär

verschidde Saachen rappeléieren, déi mer besonnesch wichteg si fir déi important Steierreduktioun, déi d'Regierung an deem Budgetgesetz proposéiert huet.

Mir hu fir d'éischt emol de Minimum tarifaire, dee steierfräie Betrag, nach eng Kéier substanzieel gehéicht, fir eng bestuete Koppel vu 540.000 op 780.000 Frang.

Dann hu mer zwou Tranchen éliminéiert, déi ënnescht an déi iewescht, a mir hunn Tranché gemaach, déi d'selwecht ausgesinn, vun all Kéiers 69.000 Frang. Dat si 14 Tranchen, wat also eng ganz schéin Tranchésteigerung ass, méi schéin am Fong wéi déi, déi mer an deenen Tariffer virdrun haten.

An dann hu mer all déi eenzel Steiertrapeen ëm 2 % erofgesat par rapport zu den aktuellen Tauxen, mir hunn den Héchststeiersaz vun haut 46 % op 42 % erofgesat, a mir hu gläich annoncéiert, dass mer d'nächst Joer op 38 % erofginn, woubäi een och nach eng Kéier muss wëssen, dass deen Héchststeiersaz sech eréischt applizéiert bei enger bestueter Koppel vun 2,7 Milliounen un. Den Agankssteiersaz fir déi, déi haut 6 % bezuelt hunn, geet vu 6 % op 0 % erof, an net, wéi verschidder ëmmer soen, vu 6 op 14 % erop. Déi Leit, déi also haut an där Tranche si vu 6 %, bezuelen 0 %, a mir fänken eréischt méi spët un, an do applizéiert sech en Taux vu 14 %.

Dat mag komplizéiert schéngen, an dofir gesäit een et am beschten, wann een einfach emol nach eng Kéier dat eent oder dat anert Beispill hëlt.

Eng Koppel mat zwee Kanner, déi e Revenu impossible vun 100.000 Frang de Mount huet, bezillt haut 2,48 % Steieren. Vum nächste Joer u bezillt déi iwwerhaupt keng Steiere méi. Déi reduzéiert also hir Steierlaascht ëm 100 %. Si bezillt en fait 30.000 Frang Steiere manner wéi dës Joer.

Eng Famill mat zwee Kanner, déi 165.000 Frang besteierbaart Akommes de Mount huet, bezillt haut 12,6 % Steieren, d'nächst Joer nëmmen nach 9,7 %. Dat ass e Minus an hirer Steierlaascht vun 23 %.

Dat si konkret Beispiller, fir ze beweisen, wéi substanzieel déi Steierreform hei ass fir all d'Akommeskategorien.

Ech wëll nach eng Kéier dobäi soen, dass mer mengen, datt et e wierklech sozialfrëndlechen Tarif ass a mer dofir versicht hunn, esou wäit wéi méiglech déi Leit, déi wéineg Akommes hunn, aus dem Tarif erauszehuelen. Ech soen nach eng Kéier: Déi Tranche vu 6 % hu mer ofgeschaaft, a si ass duerch 0 % ersat ginn. D'Steiere fänken also vill méi spët un, wéi dat fréier de Fall war. Den Agankstaux vu 14 % trëtt an Zukunft bei enger Koppel, déi bestuet ass, eréischt bei 780.000 Frang a Kraaft. Dat ass iwweregens e Montant, op deem net nëmmen déi Leit keng Steiere bezuelen, mä och all déi duerno, well dee leeft duerch de ganzen Tarif.

Mir mengen, datt an enger Steuerpolitik de soziale Kritär e ganz wichtege wär.

Fir de Moment ass dee steuerfräie Betrag, dee mer agesat hunn, deen héchsten an der Europäescher Unioun. Dofir muss ech natierlech erstaunt sinn, wann ech elo d'Leit héiere kloen, datt eng Rei vu Leit net vun der Steuerreform géife profitéieren. Dat ass natierlech eng Kritik un där Politik, déi mer versicht hunn ze maachen, fir de Leit méiglechst vill Suen ze loossen. Mir hunn hei nach eng Kéier op eng substantziell Aart a Weis versicht, fir méiglechst ville Leit d'Steierlaascht net op hirem Bockel ze halen. Dann ass et natierlech normal, dass, wann een dann eng Steuerreduktioun mécht, si net kënnen dovunner profitéieren. Mä ech soen awer direkt dobäi: Mir hu jo och e Budget, wou e wesentlechen Deel Sozialpolitik dobäi ass, an et ass iwwert de Wee vun der Sozialpolitik, wou mer natierlech och eppes maache fir déi Leit, déi manner verdéngen, déi dank eiser sozialer Steuerpolitik keng Steiere bezuelen, déi awer duerch d'Sozialpolitik, déi am Budget e grousst Kapitel ass, gehollef kréien. An iwwert d'Sozialpolitik, déi an dësem Land méi grouss ass wéi an anere Länner, huele si natierlech um nationale Wuelstand Deel.

De Spëtzezteiersaz hu mer och substantziell erofgesat. 2002 gi mer op 38 %. Och dee Volet ass wichteg, fir d'leeschtungsstéierend Elementer an enger Steuerstruktur erauszehuelen a fir héichqualifizéiert Personal op Lëtzebuerg ze kréien. Dir wësst, dass mer eng Ekonomie hunn, déi ganz schnell wisst, déi och héichqualifizéiert Personal brauch, a mir waren do ënner Drock vu Plazen, wéi zum Beispill London, wou et ganz speziell Regimer gëtt, déi grad dës Leit, wéi an der Informatik oder an anere Beräicher, müssen entgéint kommen, a fir déi Leit zu Lëtzebuerg ze halen, respektiv op Lëtzebuerg unzezéien, hu mer gemengt, datt dat och en Element wär vun enger Steuerreform, déi am Intérêt vun der Lëtzeburger Ekonomie ass.

D'Regierung wäert an den nächste Méint déi aner Elementer vun der Steuerreform net vergiessen, an all Diskussioun, déi mer an dës Woche féieren, muss natierlech och deem Rechnung droen, wat nach op eis zoukënnt, nämlech net nëmmen d'Reform vun de Steiere fir d'Betriber, mä och eng generell Diskussioun iwwert d'Abatementen, woubäi jo ëmmer gesot ginn ass, a ville Walprogrammer, datt, wann een d'Steierlaascht global erofsetzt, doduerch de Revenu disponible vun de Leit méi grouss gëtt a verschidden Abatemente vläicht net méi noutwendeg sinn.

Ech weess awer och, dass bei all Abatement, deen een ofschaaft, d'Politik e Lenkungselement ewech gëtt, well dofir sinn d'Abatemente jo och do, an dofir muss ee ganz gemittlech Abatement fir Abatement kucken; mä vläicht sinn déi Diskussiounen, déi am Kader vum Budget gefouert ginn, utile Indicatione fir d'Regie-

rung, fir déi Diskussiounen an deenen nächste Méint virun ze féieren.

A bei enger Diskussioun iwwert d'Steierrecetten hei zu Lëtzebuerg soll een och net d'Fragilitéit vun enger Rei vun eise Recetten aus den Ae verléieren.

Ech hunn am Rapport vun Ärer Finanz- a Budgetkommissioun gelies, dass  $\frac{3}{4}$  vun de Betriber zu Lëtzebuerg keng Steiere bezuelen, datt also nëmmen e ganz klengen Deel vu Betriber Steiere bezillt. Et muss ee wëssen, datt déi Steieren, déi do erakommen, Recettë sinn, déi net onbedéngt direkt mat eiser Aarbecht ze dinn hunn, mä virun allem mat eiser Législatioun a mat der Gréisst vun eise Territoire. Ech denke ganz besonnesch un déi international Privatkongeschäfte op der Finanzplaz Lëtzebuerg. Ech denken un d'Recetten op den Accisen an aner Taxen op de Petrols- an Tubaksprodukter. Et muss een also d'Fragilitéit vun eise Recetten ëmmer am A behalen, wann een eng Diskussioun féiert iwwer zukünfteg Steuerformen.

De Rapporteur huet gëschter och an dësem Kontext gesot, datt et d'Privatindustrie ass, déi de Räichtum schaaft, ee si dofir muss gewäerde loossen an hir och um steuerleche Plang entgéint kommen.

Dat ass richtig, mä mat enger Limit. Ni virdru war d'Politik esou wichteg wéi haut, an déi Diskussiounen, déi mer an deene leschte Woche geféiert hunn op europäeschem Plang, beweisen, datt ouni d'Politik d'Privatwirtschaft net kann eleng virukommen. Hätte mer d'Privatwirtschaft eleng gewäerde gelooss an eis net fir wesentlech Intérète vun der Finanzplaz zu Bréissel a viru sechs Méint zu Feira agesat, da wier d'Finanzplaz héchstwahrscheinlech a méi eng turbulent Zäit erakomm an hätt e groussen Impakt gehat op eis Steuerrecetten.

D'Politik als Encadrement vun Aktivitéite vun der Privatwirtschaft bleift a mengen Ae wesentlech fir de Statsbudget an och fir d'Steuerpolitik. An och déi Diskussiounen d'lescht Woch ronderëm déi Virschrëften, déi mer aus Sécherheetsgrënn verschiddenen Entrepreneuren zu Lëtzebuerg gemaach hunn, an den Accompagnement, deen d'Politik do huet misse maachen um steuerleche Plang, beweisen d'Importanz vun enger Politik an d'Importanz vun der Politik. D'Mäert eleng kënnen net regéieren, d'Mäert brauchen d'Politik. Ech hunn Iech zwee konkret Beispiller ginn, fir dat ze ënnersträichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Recetten, déi aus de Steieren ervirkommen, hu mer och 2001 op eng realistesch an, géif ech soen, liicht virsiichteg Aart a Weis ageschat. Elo kann een ëmmer driwwer diskutéieren, wéi héich een déi Recettë soll aschätzen. Dat ass keng prezis Wëssenschaft.

D'Recetten am Budget vum nächste Joer hu mer klamme gelooss ëm 13,12 %, vun dësem Joer 4,8 op

dat nächst Joer 5,4 Milliarden Euro. Mir hunn dat net gemaach wéinst där Kritik, déi an deene leschte Joren ëmmer komm ass, datt mer d'Recettë géifen ze niddreg aschätzen, mä mir hunn et gemaach op Grond vun der Analys vun der Evolutioun vun deene leschte Joren a vun där gudder Situatioun vun der Economie. Ganz konkret hu mer et esou gemaach: Mir hu gekuckt, wivill d'Recetten 1999 an 2000 waren. Mir hunn dann d'*Croissance économique* dobäi gerechent an den Impakt vun der Steuerreform ofgezunn.

Dat gesäit ee ganz gutt bei der Gehältersteuer. Och am Laf vun dësem Joer wäert d'Gehältersteuer ëm 4 bis 5 Milliarde méi héich leie wéi déi, déi mer agesat hunn. Mir haten am Budget eng vun 43 Milliarden - elo schwätzen ech a Lëtzebuerger Frang -, mir hunn eng Estimatioun gemaach, déi eis an dësem Joer wäert bréngen op 47, 48 Milliarden. D'Joer ass jo nach net ganz eriwuer. Dovunner hu mer dann d'Steuerreform vun 8 Milliarden ofgezunn, an esou sinn déi Chifferen entstanden.

Mir hunn dat also net aus der Loft gegräff. Mir hunn dat och net einfach gemaach, fir verschiddene Kritiken aus de leschte Jore Rechnung ze droen, mä fir hei eng kloer Démarche virzezeechen. Datselwecht hu mer iwwregens gemaach bei der TVA, déi och dëst Joer wäert ëm 4 Milliarde méi héich leien, dank deem schnelle Wuesstum vun der Economie, wéi dat, wat mer am Budget 2000 virgesinn haten.

Ech mengen nach ëmmer, dass et eng gutt Politik war an ass, wann een d'Recettë virsiichteg aschätzt, an ech hoffen, dass eis dat och dëst Joer fir 2001 erëm gelongen ass. Dobäi kënnt, dass mer eis jo eens waren, virun engem Joer an haut, datt déi zousätzlech Recettë musse fir durabel Ausgabe gebraucht ginn. Dofir hu mer och drop gehalen, dass déi zousätzlech Recetten, déi dëst Joer agesat gi si fir de Budget 2001, integral an d'Investitiionsdépensë ginn, an dofir klammen déi jo och am Budget ëm 29,5 %, wäit aus méi wéi d'Konsumausgabe vum Budget.

An der Vergaangenheet hu mer dat d'selwecht gemaach, an ech mengen dofir, dass et zum Deel eng onberechtigt Kritik war, wann an der Vergaangenheet gesot ginn ass, datt hei déi Recettë bewosst ënnerschat gi wieren, fir domadder am Fong kënne méi Spillraum ze hunn. D'Zilsetzung war ëmmer déiselwecht.

Dëst Joer hu mer jo och decidéiert, datt d'Plusvaluen iwwer en Affektatiounsgesetz duerch d'Chamber och un d'Investitiionsfongen affektéiert ginn. Ech mengen net, wéi den Här Graas et gëschter gesot huet, datt dat zu méi Transparenz féiert. D'Transparenz war déi nämlech, well d'Dokumenten leien ëmmer an der Chamber! Ech mengen, datt et zu méi Demokratie féiert, well d'Parlament - bei sou groussen Zomme schéngt dat mer normal ze sinn - ka mat diskutéieren, an d'Parlament entscheet schlussendlech, wou déi Suen higin.

Eng national Diskussioun iwwert d'Steiere kann een net féieren ouni eng europäesch Diskussioun iwwert d'Steieren! D'Inzidenz vum europäesche Steierdossier op de Statsbudget an op d'national Steuerreform ass eng wesentlech. Dofir huet d'Regierung och kloer Messagen zu Feira am Summer an zu Bréissel d'lescht Woch wëlle ginn. Ech wëll hei, well et mer awer am europäeschen Débat wichteg schéngt a sech d'lescht Woch hei an der Chamberdebatt ausschliesslech konzentréiert ginn ass - wat och normal war - op d'Debatte vum Ecofin vu leschter Woch, awer e puer Saache rappeléieren.

Mir hate 97 e Koexistenzmodell an Europa ofgemaach, am Kontext vun der Besteuerung vun den Erspuerneris, eng Koexistenz, déi bedeit huet, entweder Quellesteuer oder Informatiouns Austausch. Dee Koexistenzmodell huet an hat eis Präferenz. Mir hunn en zu Feira nëmme bedéngt opginn, an ech wëll erklären, firwat mer en opginn hunn.

Zu Feira waren - och wann dat viru Feira net sou ausgesinn huet - 14 Länner d'accord, fir ze soen, datt den Informatiouns Austausch am Kampf géint d'Steuerflucht dee beschte Mechanismus wär, an et ass eis reprochéiert ginn, datt mir géife wëllen eng Insel bleiwen, op där d'Steiergeheimnis - et ass net sou ëm d'Bankgeheimnis gaangen - oprecht erhale géif, fir datt d'Kapital net géif besteiert ginn! All déi aner hunn eis erkläert, datt d'international Evolutioun souwiso géif goen a Richtung vun engem Informatiouns Austausch.

Dunn hu mir gesot, no laanger Reflexioun, datt, wann een eis kéint beweisen, datt d'international Evolutioun sou wär, datt iwwerall den Informatiouns Austausch géif fonctionnéieren, Lëtzebuerg dat dann och géif maachen, mä da misst een eis dat fir d'éischt beweisen! Mir hunn also keng fundamental Positioun opginn! Mir hunn erkläert: Mat deem Endzil kënne mir le cas échéant d'accord sinn, mä nëmme - et muss een d'Konklusione vu Feira mol ganz liesen - am Aklang mat internationalen Développementer! Et ass dofir, wou mer d'Conditionnalité, trotz Oppositioun vun anere Länner, dra kritt hunn, fir ze soen: Da mussen déi aner Länner - notament Finanzzentre wéi d'Schwäiz - awer och an deem nämlechte System matmaachen!

Mir hunn also d'Koexistenz nëmme bedéngt opginn, well si kann nach gutt enges Dags zrëckkommen, nämlech dann, wann déi Drëttstaten oder Territoires dépendants wéi d'Kanalselen, d'hollännesch Antillen an aner Steuerparadieser op der Welt net op där nämlechte Schinn fueren! Eréischt wann dee Beweis erbruecht ass, eréischt 2002 frëstens, musse mir eisen Accord ginn, an da gesi mer jo, wat déi aner maachen, an dann huele mir eis Décisioun. Dat ass schwaarz op wäiss zu Feira an zu Bréissel festgeschriwwen ginn!

Och zu Bréissel hu mer d'lescht Woch eng Solutioun erausgeschloen, déi am Intérêt vu Lëtzebuerg, vum Lëtzebuerger Land a vun der Lëtzebuerger Finanzplaz ass. Dir kennt d'Detailer, an ech ginn hei net méi drop an. Wesentlech ass awer, datt mer nëmmen en Taux vu Besteuerung acceptéiert hunn, deen évitéiert, datt d'Kapital schnell aus der Europäescher Unioun erausfléisst an - et betrëfft jo hei d'Kapital vun net Résidenten; ech preziséieren dat - nëmmen dann zu deem doten Taux besteiert gëtt, wann och erëm eng Kéier ähnlech Systemer an Drëttstaten an an den ofhängegen Territoirë bestinn.

Datselwecht gëllt par ailleurs net nëmme fir Drëttstaten, mä och fir Éisträich, wat och nach e Gesetz huet, wat d'Bankgeheimnis betrëfft, och d'Steiergeheimnis, wat souguer eng Verfassungsmajoritéit brauch, fir ofgeschaaft ze ginn, an an Éisträich läit also de Schlëssel bei der sozialistescher Oppositioun, fir ze decidéieren, ob si d'accord ass, datt d'Bank- a Steuergeheimnis an Éisträich bäibehale gëtt oder net. D'Regierung vun Éisträich huet erkläert, zu Bréissel, datt si dat eleng net kéint maachen an dofir op d'sozialistesche Oppositioun ugewise wär. Mir hunn och ënnerstrach, nach eng Kéier, datt e Parallelismus vum Steierpak muss bestoe bleiwen, e Steierpak, deen also déi onfair Steuerregimer bei der Betrëbsbesteuerung betrëfft.

Firwat ass dës Décisioun am Intérêt vu Lëtzebuerg? Firwat hu mir hei déi national Intérête kënnen verteidigen? D'Décisioun ass am Intérêt vun eisem Land, well se wesentlech Kritike vum Lëtzebuerger Land ewech hält, Kritiken, déi an deene laangen Nuechten zu Feira an zu Bréissel e puermol gemaach gi sinn! Et waren eng Rei Ministeren, déi gesot hunn: Mir verstinn, datt Dir fir d'Bankgeheimnis sidd, mä mir sinn net d'accord, datt Sue vun eise Leit bei Iech op Lëtzebuerg kommen an do net besteiert ginn! Dir hëlleft mat Ärem System, wann Der keng Quellesteier aféiert, datt d'Kapital bei Iech guer net besteiert gëtt, an Dir favoriséiert also d'Placement vu Schwarzgeld!

Mir hunn net gemengt, datt et am Intérêt vum Lëtzebuerger Land wär, wa mir sou en Image géifen ofginn, a mir hu gesot: Neen, d'Leit kommen op Lëtzebuerg weinst dem Know-how an de Produkter vun eise Banken, weinst der Qualitéit vum Rendement vun deene Produkter! Et ass dofir, wou mer gesot hunn: Mat enger Quellesteier, déi net d'Kapital ofdreiwe léisst an Drëttstaten, an ënnert der Bedingung, datt d'Drëttstaten dat nämlech maachen, kënnen mir liewen, mä dobäi wëlle mer, datt déi Délaien, déi festgesat sinn, sou sinn, datt d'Finanzplaz et fäerdeg bréngt, nei Produkter ze développéieren.

D'Kritike koume jo net nëmme vun der Politik! Och dofir war et am Intérêt vun eisem Land. Ech mengen, d'Kritiken un eiser Finanzplaz si méi staark an der auslännescher Press a bei auslännesche Statsanwaltschaften! Mir wëllen évitéieren, datt déi seriö

Clienten, déi massiv op Lëtzebuerg kommen, aus dem Ausland, hei permanent poursuiviéiert gi vu Parqueten am Ausland. Eist Zil war an ass ganz kloer d'Consolidatioun vun dëser Finanzplaz, och d'Consolidatioun vum „private banking“, wat e wesentlechen Deel ass vun der Finanzplaz. An ech soen et hei nach eng Kéier kloer an däitlech: Mir kucke ganz strikt dorop, wat d'Schwäiz mécht, a mir gi keng Avantagen op, hei zu Lëtzebuerg, wann net déi Haaptkonkurrenzzentren ronderëm d'Europäesche Unioun datselwecht maachen!

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Très bien!

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Lëtzebuerg huet eng Zukunft, och am Privatkundengeschäft!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Wa se datselwecht maachen oder Équivalentes?

(Interruption)

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Datselwecht! Op alle Grondelementer muss et datselwecht sinn. Et steet do „gleichwertige Maßnahmen“. D'Lëtzebuerger Regierung huet erkläert, datt d'Bankgeheimnis fir eis z.B. e Punkt wär, dee misst d'selwecht traitéiert ginn!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- D'Ëmweeër, déi kënnen entstoe bei enger Quellesteier wéi an der Schwäiz, sinn déi och dovun viséiert?

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Selbstverständlech wäerte mir vérifiéieren an drop halen, datt all d'Ëmweeër, déi haut an der Schwäiz bestinn - ech denke besonnesch un d'Treuhandgeschäfter -, mussen ofgeschaaft ginn, an d'Lëtzebuerger Delegatioun huet besonnesch dem däitsche Finanzminister, deen eis wollt 35 % Quellesteier opdrécken, well d'Schwäizer déi hätten, säin Argument refuséiert. Déi Däitsch an aner Länner wollte 35 % Quellesteier maachen, well se gesot hunn: Dat ass da méi einfach, fir mat der Schwäiz ze verhandelen. D'Schwäizer hunn eng 35 %eg Quellesteier, déi awer oft net bezuelt gëtt, a mir wäerten, fir d'Fro vum honorablen Här Krecké ze beäntweren, ganz strikt kucken, datt déi doten Ëmweeër net méi bestinn!

Ech soen also nach eng Kéier: Mat ville Schwieeregkeeten, mengen ech, huet sech déi Finanzplaz hei massiv consolidéiert. Si huet hiren Image verbessert. Si huet näischt zougelooss, wat zu engem direkten Ofdrifte vum Kapital vun dëser Plaz geféiert hätt, an et ass dofir eppes, wéi gesot, wat zur Stärkung vum Privatkundengeschäft zu Lëtzebuerg geféiert huet. Volete wéi „tax planning“ wäerten an nächster Zäit vill méi wichteg ginn, fir Clienten ze beroden.

Et war eis och dofir sou wichteg, datt mer grad am Investmentfonggeschäft dat duerchgesat kritt hunn, wat mer wollten, nämlech net dat, wat d'Fransouse wollten. Si wollten all d'Fongen drënner hunn. Mir hu

wesentlech Deeler vun der Fongindustrie kënnen aus-schleissen, wat selbstverständlech der Lëtzebuerger Fongindustrie wäert sou munch Imaginatioun ginn, fir do interessant Produkter ze proposéieren.

Ech soen et nach eng Kéier: 14 Länner ware mat der franséischer Proposition d'accord a wäeren zum Deel méi wäit gaangen! Mir wëllen eppes anescht. Mir hunn et duerchgesat kritt, an ech muss soen: Als Minister, deen zoustänneg ass fir d'Finanzplaz, mengen ech, datt dat hei eng Solutioun ass, déi gutt ass fir dës Finanzplaz. Mir wäerte kucken no neie Marchéen, neie Produkter, och ausserhalb vun der Europäescher Unioun, an et ass dofir, wou mer och d'nächst Joer Missiounen fir d'Promotioun vun der Finanzplaz grad a Japan an an Amerika maachen, wou et och Marchée gëtt, déi besonnesch fir d'Fongindustrie vu grousssem Intérêt sinn.

Wéi gesot: D'Schwäizer Diskussioun wäerte mir an d'Parlament genoe observéieren, an da kënne mer jo 2002, ier mer op dee Conseil fueren, nach eng Kéier am Detail doriwwer diskutéieren!

Mir hunn och den Drock ewech geholl vun der Regierungskonferenz, eng Regierungskonferenz, déi jo vu mir un zesumme kënnt, eng Regierungskonferenz, an där de Steierdossier och op den Dësch kënnt, wou Der wësst, datt et de kloere Wëllen ass vun enger Rei Länner, d'Unanimitéit a Steierfroen opzeginn, op d'mannst dann, wann et ëm steierlech Mesurë geet, déi en Impakt hunn op de Fonctionnement vum Banne-maart.

Och domat ass Lëtzebuerg net d'accord, well mir mengen, datt, wann d'Majorité qualifizéiert géif decidéieren, d'Resultat wär, datt d'Steieren an Europa géifen erop goen. Wann ee kuckt, wat an der Quelle-steierdiskussioun d'lescht Woch gelaf ass, da wäre ganz séier, mat Majorité qualifizéiert, déi 25 % arrêtéiert ginn. D'Unanimitéit huet mat dozou bäigedroen, datt déi Länner, déi méi eng seriö Budget- a Finanzpolitik gemaach hunn, sech net mat hu missen op de Wee vu méi héije Steiere beginn. D'Lëtzebuerger wäerten, wann noutwendeg, zu Nice konstruktiv Propositionen maachen, déi awer ëmmer zum Effet hunn, datt eestëmmeg am Conseil muss decidéiert ginn.

Da géif ech zu der Steierpolitik ofschléissend dat heite soen: D'Steierpolitik bleift ëmmer eng national Kompetenz, a wäite Beräicher vun der Steierpolitik. Mir decidéieren heiheem, och an Zukunft, wéi d'Betriber an d'Leit, déi hei wunnen, besteiert ginn. Mir kënnen also d'Attraktivitéit vum Site Lëtzebuerg och an Zukunft assuréieren.

Dir hutt matkritt, d'lescht Woch, wéi de Statsminister exposéiert huet, wat zu Bréissel diskutéiert ginn ass, datt mer direkt och Reflexiounen weidergefëhrt an intensivéiert hunn, fir am Kader vun der Reform iwwert d'Betriebsbesteuerung iwwer Elementer wéi Droits d'apport, Taxe d'abonnement nozedenken, déi

selbstverständlech, wa se da reduzéiert ginn, op der Finanzplaz vill Revenue generéieren an Aarbechtsplazen schaffen. Et ass also de Memberstaten nach ëmmer erlaabt - wann op där enger Plaz eng europäesch Steuer kënnt -, aner Elementer méi attraktiv ze maachen. D'Regierung ass gewëllt - ech soen et nach eng Kéier -, d'Attraktivitéit vun der Plaz gréisstméiglech ze erhalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom ekonomeschen Ëmfeld an no der Steierpolitik - dat eent an dat anert hänkt, wéi gesot, enk zesummen - hänkt och dat drëtt Element, op dat ech haut wollt agoen, enk mat deem vu virun zesummen, nämlech d'generell Finanzsituatioun vum Stat.

D'Finanzsituatioun vum Stat resultéiert aus de véier Grondprinzipien, déi och de Budget 2001 charakteriséieren:

- eng gutt Maîtrise vun den öffentlechen Dépensen,
- e Budget, dee keng nei Statsschuld virgesäit,
- en Accroissement vun de Statseinnahmen, déi eng Steuerreform erméiglechen, an
- en héijen Investitiounsvolumen, dee mëttelfristeg finanziell ofgeséichert ass, duerch héich Reserven.

E Wuert vläicht zu deene véier Punkten, och wann et heiansdo e ganz kuerzt Wuert ass.

Den éischte Punkt ass dee vun der Maîtrise vun den öffentlechen Dépensen. Mir hu pingelig drop gepocht, datt dës Dépensen net méi klamme wéi d'mëttelfristeg Wuesstum vun eiser Ekonomie. Et ass de Volet vun de Kapitalausgaben, deen an dësem Budget méi schnell wësst. Ech hu scho virun erklärt firwat, well mer d'Recettë méi héich agesat an déi Suen direkt an d'Kapitalausgaben, an d'Investitiounsausgabe fléisse gelooss hunn.

D'Maîtrise vun den öffentlechen Dépense gesäit een och dorun, datt eise Budget am Équilibre ass. Ech hu gëschter de franséische Finanzminister héieren, dee gesot huet, säin Zil wär, 2004 de Budget am Équilibre ze hunn. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dat, a mir haten et an deene Jore virun! Dat ass d'Konscht vun der Budgetpolitik! Mir hunn d'Ausféierung vum Budget och strikt gemaach, well et kann een net nëmmen e Budget virleeën, an dann, herno, kënnt eppes anescht eraus! De Budget, och dee vu mir 2000, ass konform zu deem, deen d'Chamber gestëmmt huet. Wa méi Ausgaben do sinn, da sinn déi bedéngt duerch méi Einnahmen, Automatismen wéi notament déi vun der Sécurité sociale, déi och op der Recettësäit, duerch méi Gehältersteuer, bedéngt sinn.

Trotzdem datt mir eng Maîtrise vun den öffentlechen Dépense fäerdeg bruecht hunn, huet dës Budget esou munch nei Elementer a gesäit esou munch grouss nei Kreditter vir fir wesentlech Akzenter, déi dës



Regierung an dësem Joer - an net nëmmen an dësem Joer, mä mir schwätzen hei vum Budget 2001 - setzt.

Ech denken u grouss Kreditter fir d'Informationsgesellschaft, déi net nëmmen e Kredit am Statsministère sinn, mä vill Kreditter och an aneren Départementer, notament fir de Centre informatique.

Méi Sue fir d'Recherche, wat och e wesentlechen Akzent bei dësem Budget ass.

Méi Entwécklungshëllef: Mir sinn déi, déi am meeschten Entwécklungshëllef par rapport zum Produit national brut oder Revenu brut an der Europäescher Unioun ginn.

Méi Sue fir d'Sécherheet vun de Bierger an Europa: An Europa sinn dat friddenserhalend Missiounen, an heiheim sinn dat Poliziééquipement. Méi e staarken Développement vun de sozialen a medezineschen Infrastrukturen. Et kéint een déi Lëscht hei laang viruféieren. Jo, och de Fridde kascht eppes, well et kann een net nëmme Profiteur si vu Fridde an Stabilitéit an Europa, heiansdo muss een och dofir Suen ausginn.

Wann een d'Ausgaben awer wëll am Grëff behalen, Dir Dammen an Dir Hären, da kann een net alles maachen. Mir hu versicht, hei Prioritéiten ze setzen, déi eis am wesentlechste geschéngt hunn. Mir wollten, finanzpolitesch gesinn, keng nei Schold maachen. Ech stelle mat Satisfactioun fest, als Budgetsminister, datt 1998, 1999, 2000 an 2001, esou wäit een dat haut ka virgesinn, keen neien Emprunt opgeholl ginn ass.

Mir hunn haut eng total Statsschold vun 28 Milliarden, e Ratio Schold/PIB vun 3,5 %. Ech schwätzen hei just vun der Statsschold. Dat si 64.600 Frang pro Awiner an dësem Land. Dat ass unique a ganz Europa. Déi Statsschold vun 28 Milliarden ass souguer nach falsch an deem Sënn, datt mir Reserven ugeluegt hunn, fir déi Statsschold do kënnen zrëck ze bezuelen. Mir hunn haut am Fong vun der Dette 17 Milliarden.

Mir hunn dee Fong gebraucht - a mir kënnen déi Statsschold net direkt zrëckbezuelen, wat mäi Wunsch wär -, well déi Emprunten, déi lancéiert gi sinn, déi sougenannten Oluxen, bis 2007 lafen, an déi kann een net anticipativement rembourséieren. Mir müssen 2002 6 Milliarde rembourséieren an 2003 10 Milliarden. Fir net an deem Budgetjoer missen all déi Sue mateneen auszeginn, wat e wesentleche Problem fir d'Budgetspolitik wär, hu mir eis déi Reserve ugeluegt.

Ech weess, datt déi Reserven dobaussen oft net verstane ginn, esou wéi Reserven en général a villen Domänen net verstane ginn. Mä si erlaabt eis, déi normal Ausgabe vum Budget - d'Sozialpolitik, d'Investitiounspolitik an esou weider - virun ze féieren an trotzdeem déi Statsschold ofzebauen, mam Zil, bis 2007 - wann da keen Abroch vun der Ekonomie kënnt; ech wëll dat ëmmer dobäi soen - d'Statsschold ganz ofbezueelt ze hunn. Mir kréien dat, wéi gesot, mat

deene Reserven, déi mir systematesch opbauen, an de Grëff.

Mir hunn dofir Margë fir d'Zukunft. Et ass dat, wat wichteg ass. Et ass dat, wat ech weess, datt et an der Politik schwéier ze vermëttelen ass, well et méi einfach ass, et mécht een alles, wat d'Leit gär hätten. Wa mir dat maachen, an et kënnt muer en Abroch zum Beispill op der Finanzplaz oder an der Ekonomie, deen een net kontrolléiere kann, dann hänke mir direkt.

Esou kënne mir dee Moment léine goen, sou hu mir Suen, déi mir net brauchen auszeginn, wéi dat an den Nopeschlänner de Fall ass, fir d'Zënslascht ze bezuelen. Mir hunn eng ganz niddreg Zënslascht a kënnen déi Sue gebrauchen, fir richtig politesch Akzenter an der Budgetspolitik ze setzen. Mir kënnen och d'Kontinuitéit vun der Politik assuréieren. D'Regierung ass gewëllt, op deem do Wee virun ze goen.

Iwwert den Accroissement vun de Statsanleihen hunn ech scho geschwat, soudatt ech dee Punkt op dëser Plaz géif ewech loossen. Mä ech wëllt nach e Wuert zum Investitiounsvolume soen.

Dat sinn Ausgaben an durabel Strukturen, déi noutwendeg sinn, fir eist Land sozial a wirtschaftlech héichentwéckelt ze halen. Heizou gehéieren esou noutwendeg an divers Infrastrukture wéi Spideeler, Schoulen, Kläranlagen, Stroossen, national an international Zuchverbindungen, e Flughafen a Kulturariichtungen. All déi Saache brauch en héichentwéckelt Land.

D'Konscht vun der Budgetpolitik, Dir Dammen an Dir Hären, ass et, fir all dës Infrastrukturen ze bauen, well eng Gesellschaft wéi eis se brauch, mä zugläich och kënnen ze finanzéieren. Et ass einfach ze décideren, datt dat hei an dat do gemaach gëtt, mä et muss ee kucken, wéi een dat do ka mëttelfristeg maachen, ouni d'Land an de finanzielle Ruin ze dreiwen.

Dat war eis d'Motivatioun, fir eng Rei Saachen ze maachen, notament fir d'Reservë vun deene Fongen opzebauen, fir keng Statsschold a kee Budgetdefizit ze maachen, esou wéi d'Nopeschlänner dat finanzéieren.

Mir hunn d'nächst Joer - dat soll een hei nach eng Kéier rappeléieren - 16 % méi Ausgabe fir Investitiounen, wéi mir dat dëst Joer virgesinn hunn. Am Ganze gi mir eppes 23 Milliarden Euro aus - Fonge plus Budget zesummen - fir Investitiounsausgaben. Fir déi, déi nach an ale Lëtzebuerger Frang denken, sinn dat 577 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Par rapport zu der Gesamtausgabe sinn dat ronn 10 %. Dat ass deen héchsten Investitiounstaux an der Europäescher Unioun.

Déi Bauprojekte ginn natierlech iwwer e puer Joer bezueelt; dofir brauch een och Reserven. Mir hu fir de

Moment am Joer 2000 Reservé vun engem Total vu 75 Milliarden: 61 Milliarden Avoiren an de Fongen an 13,7 Milliarden als Budgetreserve.

Déi Reserve ass net do fir zukünfteg Projeten. Déi Réservé brauche mir fir eng ganz Rei vu Projeten, déi scho gestëmmt sinn. Et ass dat, wat een ëmmer erëm muss all deenen äntweren, déi ech dagdeeglech héiere soen, datt mir jo am Geld géife schwammen. Jo, d'Lëtzebuerger Statsfinanze si gesond. Jo, Lëtzebuerg huet Reserven, fir déi Projeten ze finanzéieren, déi Dir an dësem Parlament decidéiert hutt. Mä déi Projekte rechnen d'Leit oft net zesummen. Wie weess da schonn, wéivill Projeten an dësem Land, an dëser Chamber scho gestëmmt gi sinn, déi nach net ganz bezuelt sinn?

**Une voix.-** Déi sinn och nach net gebaut, si sinn eréischt ugefaangen.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.-** Genau, déi sinn nach net gebaut, an de Budgetminister muss ëmmer e puer Joer en avance denken, well deen, deen en Haus baut - dat ass net anescht hei wéi am private Beräich -, fänkt jo och net eréischt un, d'Suen op d'Säit ze leeën deen Dag, wou de Steemterzer schonn do steet, mä e fänkt virdrun un ze spueren, fir datt en d'Suen huet, fir kënnen ze bezuelen, wann d'Rechnung kënnt.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Dat mécht nëmmen deen, dee vill Suen huet!

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.-** Ech géif Iech zum Beispill hei soen, datt Investitiounsprojeten, déi vun der Chamber gestëmmt gi sinn - an ech limitéiere mech op déi, déi gestëmmt gi sinn -, wat zum Beispill den Transportsecteur, de Fonds du rail ubelaangt, 11,5 Milliarde kaschten. Ech losse bewosst déi ewech, déi mir an de Fonge scho virgesinn hunn, mä déi nach net d'Approbatoun vun der Chamber hunn.

Am Gesondheetsberäich si fir 19,8 Milliarde Frang Projekte schonn an dëser Chamber gestëmmt ginn. Am Stroosseberäich sinn et 25 Milliarden, an ech kéint esou weider fueren: Schoulbauten, Sanitär an esou weider.

Am Ganzen hu mir 103 Milliarde fir Projeten, déi an der Chamber gestëmmt gi sinn, déi an de Fonge sinn an nach net ganz bezuelt gi sinn, virgesinn, a mir hunn nëmme 70 Milliarden an de Reserven. Déi 70 Milliarde muss ee gesi par rapport zu deenen 103 Milliarden.

Natierlech gëtt iwwer eng Rei Jore gebaut, an natierlech kréie mir an deenen nächste Joren nach zousätzlech Dotatiounen un d'Fongen, esou datt mir dat kënnen bezuelen. Ech wëll just, datt dëst Parlament an dëst Land wëssen, wéivill schonn heibannen approuvéiert ass a wat nach muss bezuelt ginn.

Mir denke permanent, wa mir Budgeten opstellen, och un déi do Engagementer. Ech géif all déi bieten, déi mengen, et kéint een elo d'Reservé wéi de Kleesche verdeelen - haut op Niklosdag kann een dat esou soen -, ze verstoen, datt dat net esou einfach ass. Mir mussen och ëmmer un d'Zukunft vun eisem Land denken, u Projeten, vun deenen och dës Generatioun wäert profitéieren.

An deem Kontext vun de Reserven ass och gëschter hei an der Presentatioun vum Budgetsrapport iwwert de Placement vun de staatleche Reservé geschwat ginn. Ech wëll fir d'éischt mol soen, datt bis den 1. Januar dëst Joer den Trésorsminister, deen ech jo och zoufälleg sinn, d'Suen net konnt anescht placéiere wéi op engem Dépôt à terme, well d'Kontabilitéitsgesetz dat net zougeloss huet.

An deem neie Kontabilitéitsgesetz, sou wéi den Här Graas dat och gëschter rappeliert huet, kann d'Regierung eng Investitiounspolitik vun iwwer engem Joer maachen op Proposition vum Trésorsminister. Ech géif hei wëlle soen, datt ech bereet sinn, op dee Wee ze goen, an der Regierung och an deem Sënn Propositione gemaach hunn. Ech wëll awer hei erklären, datt et beim Stat anescht ass wéi bei de Privatleit, an ech erklären Iech och firwat.

Haut ginn eng 90 Milliarde vum Stat all Dag placéiert bei de grousser Banke vun der Plaz, als Dépôts um Marché monétaire. Fir de Moment hu mer do en Taux moyen vu 4,7%. Ech weess och, datt et aner Instrumenter gëtt, mat deenen ee méi héich Rendemente kritt, mä ech géif soen, datt et fir mech wesentlech ass, datt d'Trésorerie vum Stat no e puer Prinzipie funktionéiert. Ech soen Iech och hei wéi eng.

Deen éischten ass deen, datt ech mengen, datt et ëmmer wichteg ass, datt de Stat eng grouss Liquiditéit huet. De Stat muss à tout moment bereet sinn, kënnen Engagementer nozekommen, an dofir brauch en déi Suen. Zweetens muss de Stat sengen Obligatiounen nokommen, déi aus der Statsschuld, och wa se niddreg ass, entstinn. Drëtens hu mer an deenen Investitiounsfonge grouss Ausgaben. Vill vun deenen erfale während dem Joer, an déi mussen och kënnen direkt bezuelt ginn.

Donieft bleift awer - an dat ass richtig - eng Zomm vu Suen, déi ee kann op eng méi laangfristeg Fassong uleeën. A mengen Ae sinn dat eng 20% vun der Trésorerie vum Stat. Ech hunn der Regierung exposéiert - a si war domat d'accord -, datt déi Suen net dierfen op eng risikoräich Fassong ugeluegt ginn. Ech mengen, datt et e wesentlechen Ënnerschied gëtt, ob een zoustänneg ass fir d'Suen, déi d'Steierzueler bezuelen an déi ech temporaire géréieren, wéi wann ee selwer mat senger Suen decidéiert, gewëssen Investissements ze maachen.

Ech sinn dofir net domat d'accord, fir déi Suen einfach zum Beispill op de Kapitalmäert an Aktien

unzeleeën. Ech acceptéieren nëmme Finanzprodukter, déi Kapital garantéieren, dat heescht datt mer à tout moment déi Suen, déi de Stat huet, och erëmkreien. Et ass innerhalb vun där klenger Marge, déi do besteet, wou mer kucken - an ech hunn dat och mat der Statsbank virun allem gekuckt -, fir e Produkt ze fannen, dat d'Kapital garantéiert, eis zugläich awer och e bësschen un der Evolutioun vun den Aktiëmäert an de Boursenindicen deelhuele léisst. Dat nennt een dann techesch Produit structuré à caractère action. Dat seet engem awer recht wéineg.

Wichtig ass, datt et en Deel Taux fixe gëtt, deem eis ëmmer erëm de Kapitalremboursement assuréiert, an dobäi huele mer en Element Taux variable, wou mer also kënnen un der Evolutioun vun de Boursen deelhuele. Sinn déi awer negativ, hu mer d'Assurance, datt mer eist Kapital erëmkreien. Mir maachen dat och, wéi gesot, nëmme fir e klengen Deel vun der Trésorerie. Ech denken drun, vum 1. Januar un, eng 18 Milliarde vun der Trésorerie vum Stat an esou e Produkt unzeleeën.

Mä nach eng Kéier: Ech ginn net mat op e Wee vu Spekulationsinvestissementen. D'Steierzueler musse sécher sinn, dass d'Suen, déi si bezuelt hunn, beim Stat bleiwen, datt domat keng Risikogeschäfte gemaach ginn, och wann ech d'Konsequenz weess, datt mer do net kënnen déi grouss Rendemente kréien, déi verschidde Leit, heiansdo vläicht nëmme kuerzfristeg, duerch aner Investissementen kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Fong eng hallef Stonn schwätzen. Et ass schonn eng Stonn ginn. Ech versichen dofir, zum Schluss ze kommen.

**M. Robert Mehlen (ADR).**- Dat geet eis och mol esou, wa mer eis net richtig preparéiert hunn!

*(Interruptions)*

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här Mehlen, e Budgetsminister preparéiert sech op e Budget vum Februar un, an dofir weess en de Budget am Dezember bal auswenneg. Dir kënnt Iech berouegen!

*(Interruption)*

Ech kann och nach eng Stonn viru fueren.

Och mam Budget 2001, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bleiwen d'Lëtzebuerger Statsfinanze gesond. Ech hunn et schonn aganks gesot: Nëmme gesond Statsfinanzen erlaben et, d'Steieren niddreg ze halen an zukünfteg Generatiounen net ze hypothéquieren.

Nëmmen en équilibréierte Budget ouni Statsschold erlaabt et, de Budget net duerch héich Zënsen ze belaaschten, mä kënnen Ausgaben ze maachen, déi dem Land zegutt kommen, wat bei Zënsen natierlech net de Fall ass. Wéi gesot, mir behalen déi Margen,

déi noutwendeg sinn, wa muer oder iwwermuer konjunkturrell oder strukturell Ännerungen op eis zoukéimen, déi en Impakt op eis Steuerrecetten hätten.

Sécher hätt ee kënnen - an dat hätt och sécher deem een oder aneren heibannen, wann en an der Regierung wär, gemaach - aner Kreditter virgesinn, aner Akzenter setzen. Dat ass normal an och gutt esou, an dat wäerte mer jo och an deenen nächste Wochen heibannen héieren. Mir wäerten nolauschten an dës Alternative präifen.

Fir eis awer mécht e Katalog vun neie Kreditter nëmmen da Sënn, wann anerer gestrach ginn, wann also den Équilibre vum Statsbudget ka garantéiert ginn. Et ass dorunner, wou een d'Seriositéit vun neie Propositione ka moossen.

D'Finanz- a Budgetspolitik ass d'Dromauer vun der ganzer Politik. Wien un d'Grundsteng vun dëser Dromauer rësele geet, hält e grouss Risiko fir d'Zukunft vun eisem Land op sech.

De Budget 2001 mécht dat net! Et ass e Budget, deem zolidd Statsfinanze garantéiert, an dofir hoffen ech, datt en d'Zoustëmmung vun der Majoritéit vun dësem Parlament kritt.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Budgetsminister.

Mir kommen elo zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung. Dobäi handelt et sech ëm d'Interpellatioun vum Här Alex Bodry iwwert de Bénévolat.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Strotz, Rippinger, Jaerling, Gira an d'Mme Meyers.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här Alex Bodry.

### 3. Interpellation de M. Alex Bodry sur le soutien à apporter au bénévolat

**M. Alex Bodry (LSAP), interpellateur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Abrëll vun dësem Joer hat ech eng Demande d'interpellation hei an der Chamber agereecht, fir eng allgemeng Diskussioun iwwert de Bénévolat hei zu Lëtzebuerg ze féieren. Et huet ning Méint gedauert, ier d'Regierung prett war, fir déi Interpellatioun hei unzehuelen.

Ech erwaarde mir dann och vun der Regierung, op Grund vun där ausseruerdentlech laanger Virbereedungsaarbecht, wa méiglech prezis Äntwerten op eng Rëtsch vu Froen, déi ech am Zesammenhank mam Bénévolat hei zu Lëtzebuerg stelle wëll.

Déi knapp eng an eng hallef Stonn, déi ech mir ausgesicht hunn, fir dat Thema hei ze behandelen,